



Appel nominal (votes par procuration)

Domadder ass de Projet de loi 7735 eestëmmeg mat 60 Jo-Stëmmen ugehall.

Ont voté oui: Mmes Diane Adehm, Nancy Arendt épouse Kemp, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Paul Galles, Léon Gloden (par M. Gilles Roth), Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch, MM. Aly Kaes, Marc Lies, Georges Mischo, Mme Octavie Modert, M. Laurent Mosar, Mme Viviane Reding, MM. Gilles Roth, Jean-Paul Schaaf, Marc Spautz, Serge Wilmes, Claude Wiseler et Michel Wolter (par Mme Martine Hansen);

MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, MM. Frank Colabianchi, Fernand Etgen, Gusty Graas, Max Hahn, Mme Carole Hartmann, MM. Pim Knaff, Claude Lamberty et Mme Lydie Polfer (par M. Gilles Baum);

Mme Simone Asselborn-Bintz, M. Dan Biancalana, Mmes Tess Burton, Francine Closener (par M. Georges Engel), MM. Yves Cruchten, Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Claude Haagen, Mmes Cécile Hemmen et Lydia Mutsch;

Mme Semiray Ahmedova, MM. Carlo Back, François Benoy, Mmes Djuna Bernard, Stéphanie Empain, Chantal Gary, M. Marc Hansen (par Mme Josée Lorsché), Mme Josée Lorsché et M. Charles Margue;

MM. Jeff Engelen, Fernand Kartheiser, Fred Keup et Roy Reding (par M. Fernand Kartheiser);

MM. Sven Clement et Marc Goergen;

MM. Marc Baum et David Wagner.

Freet d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Dann ass dat esou decidéiert.

7. 7747 - Projet de loi portant :

1° modification des articles L. 234-51, L. 234-52 et L. 234-53 du Code du travail ;

2° dérogation temporaire aux dispositions des articles L. 234-51, L. 234-52 et L. 234-53 du Code du travail

De leschte Punkt vum Ordre du jour vun dëser Woch ass de Projet de loi 7747 iwwert de Congé pour raisons familiales. D'Riedezäit ass nom Basismodell festgeluecht. D'Wuert huet elo direkt de Rapporteur vun dësem Projet de loi, den honorabelen Här Georges Engel. Här Engel, Dir hutt d'Wuert.

Rapport de la Commission du Travail, de l'Emploi et de la Sécurité sociale

■ **M. Georges Engel (LSAP), rapporteur.**- Merci, Här President. Ech weess, et ass spéit. Mir hunn och dräi ustrengend Deeg hanner eis. Mee dëse Projet ass awer nach eng Kéier derwäert, fir Är Opmierksamkeet ze kréien. Fir d'Coronakris ze bewältegen, sinn nämlech elo ganz vill Gesetzer geholl ginn. An een Theema, iwwert dat mer schonn éifers heibanen debattéiert hunn, ass dat vum Congé pour raisons familiales.

Ech stellen lech haut dann de mëndleche Rapport fir de Gesetzesprojet mat der Nummer 7747 vir, deen d'Artikelen L. 234.51, L. 234.52 an L. 234.53 ofännert a gläichzäiteg temporär Derogatiounen zu de Bestëmmunge vun deenen Artikelen och virgesäit.

Här President, erlaabt mer awer, well mer esou e komplexen Dossier hunn, dee mer schonn e puermol hei haten, och e klengen historesche Réckbléck op dëse ganzen Dossier ze maachen, fir lech ze erklären, wéi et zu deene jeeweilege Changementer komm ass.

Éischtens: Direkt am Ufank vun der Coronakris, mam Confinement am Mäerz 2020 - ech soen elo emol d'Joer nach derbäi - huet d'Regierung séier aussergewéinlech an direkt Entscheedunge geholl, fir effentlech a privat Schoulen an Ausbildungsinstituter an och Structure-d'accueilen zouzemaachen, fir de Covid-19 ze bekämpfen. Dës Entscheedung hat ënner anerem mat sech bruecht, datt d'Kanner vun haut op muer hu missen doheembleiwen.

Dofir gouf direkt en éischt groussherzoglecht Règlement vum 18. Mäerz geholl, fir d'bestoend Règlement vum Joer 1999 ofzënnereen an et esou emol iwwerhaupt ze erméiglechen, datt e Congé pour raisons familiales hei geholl konnt ginn, wann d'Kanner aus zwéngende Grënn hu missen doheembleiwen, fir d'Verbreedung vun der Epidemie ofzeschwächen.

Zweetens: Duerno, während dem État de crise, wéi mer an der Deconfinementsphas waren, huet d'Regierung d'Entscheidung getraff, d'Schoulen nees ab dem 25. Mee opzemaachen, dëst awer net am normalen Oflaf. Et sinn dann nämlech ofwiessend A- a B-Klasse ginn. Just vun 8.00 bis 13.00 Auer ass du Schoul gehale ginn, an dat mat manner Plazen an de Structure-d'accueilen, bedéngt duerch déi Reegele vun der Distanciation sociale.

Hei war d'Kannerbetreuung awer nach ëmmer noutwendeg. An esou goufen tëscht dem 25. Mee an dem 15. Juli 2020 fir d'éischt e groussherzoglecht Règlement vum 20. Mee 2020 an duerno e Gesetz vum 20. Juni 2020 geholl, déi et erméiglecht hunn, datt duerch d'Derogatiounen zu dem Artikel L. 234-51 vum Code du travail deene betroffenen Eltere weiderhin de Congé pour raisons familiales konnt ugebuede ginn, fir esou dat komplett oder deelweist Zoumaache vun den Empfangsstrukturen ze kompenséieren.

Dëst war dann an dräi prezise Fäll: Dat war éischtens de Fall, wann d'Kand ufälleg war fir de Covid-19. Den zweete Fall war deen, datt d'Kand ab dem 1. September 2015 gebuer ass, an den drëtten Fall deen, datt d'Schoulkand ënner 13 Joer al war, deem seng Schoul zou war oder deem seng Empfangsstrukture gespaart bliwwe sinn aus Grënn, déi dann och direkt mat der sanitärer Kris verbonne waren. Dës Bestëmmungen hunn och fir déi informell Kannerbetreuung, d'Dagesmammen, d'Grousselteren, gegollt an d'Frontaliere konnten och heirobber zrëckgräifen.

Dëst Gesetz vum 20. Juni 2020 war dann ab dem 15. Juli 2020, mam Ufank vun der Schoulvakanz, net méi a Kraaft. D'Gesetz war net méi a Kraaft, mee d'Coronakris war awer nach ëmmer do, och wann d'Situatioun sech iwwert de Summer liicht verbessert hat.

Drëttens: Zanter dem Ufank vum Schouljoer am September 2020 haten d'Elteren d'Méiglechkeet, de Congé pour raisons familiales spéciale Covid-19 fir isoléiert Fäll vu Quarantän oder Isolatioun vun hirem Kand ze huelen. Dee Moment war et esou, wann d'Schoulen oder d'Betreiungsstrukturen duerch eng administrativ Decisioun hätte missen zoumaachen, datt d'Eltere kee Recht op de Congé pour raisons familiales gehat hätten, well déi betraffe Kanner weeder a Quarantän nach Isolatioun waren, an dofir war et dann noutwendeg, en neit Gesetz ze huelen.

Sou koum et zum Gesetz vum 24. Dezember, dat eng temporär Derogatioun erëm eng Kéier zu deenen Artikelen vum Code du travail agefouert huet, fir den Elteren dann d'Recht op de Congé pour raisons familiales ze erméigleche fir déi Kanner, déi net an der Schoul oder an enger Empfangs- oder Betreuungsstruktur empfaange konnte ginn, well dës deelweis oder komplett zou waren oder well decidéiert gouf, op den Homeschoolingsystem ze setzen, dee gläichzäiteg och ofwiessend mam Frontalunterrecht fonctionéiert huet. Dir kennt déi Situatioun.

Beim Depot vun dësem Gesetzesprojet sinn dann eng Rei vu Froen opkomm. A sengem Avis zu dësem Gesetzesprojet vum 24. Dezember 2020 huet de Staatsrot drop opmierksam gemaach, datt mam Gesetz e Risiko géif bestoen, Ongläichheeten ze schafen, dëst, well Elteren, déi hiert Kand an enger Crèche haten, Recht op Congé pour raisons familiales gehat hätten, während déi, déi op eng informell Kannerbetreuung, notament eng Dagesmamm, ugewise waren, net dovunner hätte profitéiere kënnen. Ausserdeem waren och all déi kleng Kanner, déi net an der Schoul waren an déi net vun enger formeller Kannerbetreuung profitéiere konnten, vum System ausgeschloss.

Op Basis vun dësen Observatiounen vum Staatsrot ware sech d'Aarbechtskommissioun an d'Regierung eens, datt mer méi déif Reflexiounen misste féieren, fir déi Ongläichheeten do ze vermeiden. An esou ass d'Gesetz vum 24. Dezember do just bis den 20. Januar gestëmmt ginn, den 20. Januar inclus, also gëschter, den Dag, wou mer deen neie President an Amerika kruten - dat hat awer näischt mam Gesetz ze dinn.

(Hilarité)

Här President, dat hei war elo den Historique fir den Dossier fir d'Joer 2020. Et ass awer och direkt am neie Joer op dësem Sujet weidergeschafft ginn an et gouf en neie Gesetzesprojet Ufank Januar 2021 deposéiert. Dësen huet awer missen zrëckgehall ginn, well d'Situatioun nach vill méi komplex war wéi geduecht an et schwierig war, déi richteg Formulatioun ze fannen, fir datt mer all Fall och an dësem Gesetz kéinten ofdecken.

An elo da si mer bei der Situatioun vun haut. D'Gesetz vum 24. Dezember 2020 ass zënter haut net méi a Kraaft. Dat war bis gëschter a Kraaft, zënter haut ass et net méi a Kraaft. Mee fir datt de Recours op all Bestëmmungen och elo méiglech ass, ass d'urgence e groussherzoglecht Règlement deposéiert ginn. Hei huet also elo wierklech e gewëssen Zäitdrock bestanen, well och, wann et bei eis an de Schoulen esou ass, datt mer am Moment de Cours normal hunn, ass dat an eisen Nopeschlänner awer net de Fall, soudatt et awer néideg war, hei séier ze reagéieren. Well an Däitschland zum Beispill sinn d'Schoulen zou an eis däitsch Frontaliere wären also vum deem Congé pour raisons familiales hei betraff.

Mam Gesetzesprojet 7747, deen haut virläit, ass du versicht ginn, net just op all déi Eenzelfäll, déi et

kënne ginn, anzegoen, mee et ass u sech eng generell Léisung gesicht ginn. An de Projet gesäit hei also eng permanent Ofännerung vum Artikel L. 234-51 vum Code du travail vir, fir datt allkéiers, wann duerch eng administrativ Decisioun eng Schoul oder eng Crèche muss zoumaachen, sécher-gestallt ass, datt jiddereen, an dat onofhängeg vun der Betreuungsform, déi e virun der Fermeture Recours geholl hat, d'Recht op de Congé pour raisons familiales huet.

Et geet also souguer esou wäit, och wann dee Fall eng Kéier géif kommen - et weess ee jo ni -, datt zum Beispill just an enger Gemeng misst eng Schoul zougemaach gi vun der Autorité compétente zum Beispill, déi dann och de Buergermeeschter kéint sinn, datt d'Elteren dann och d'Recht op de Congé pour raisons familiales hätten, dat ëmmer am Kader vun enger sanitärer Krisesituatioun.

Gläichzäiteg sinn och temporär Dispositiounen an dësem Gesetzesprojet virgesinn, déi vum 21. Januar bis den 2. Abrëll gëllen, dat heescht bis den Ufank vun der Ouschtervakanz, an der Hoffnung, datt d'Situatioun sech da bis dohinner wäert verbesseren. Duerch d'Derogatiounen vun deem Artikel am Code du travail kënne während dëser Zäit d'Elteren d'Recht op de Congé pour raisons familiales fir dës prezis véier Fäll hunn:

éischtens, wann d'Kand ufälleg fir de Covid-19 ass, sous condition datt e Certificat médical virläit;

zweetens, wann d'Kand virum 1. September 2017 gebuer ass an ënner 13 Joer al ass oder nach am Enseignement fondamental ass, währenddeems seng Schoul zou ass oder d'Empfangsstrukture gespaart bleiwen aus Grënn, déi dann eeben direkt mat der sanitärer Kris verbonne sinn;

drëttens, wann d'Kand nom 1. September 2016 gebuer ass a seng Betreuungsstrukturen zougemaach goufen, ëmmer nach aus deem Grond vun der sanitärer Kris,

a véiertens, wann d'Kand ënner 13 Joer Joer al ass, deem seng Schoul oder Empfangsstrukturen aus Grënn, déi direkt mat der sanitärer Kris verbonne sinn, huet missen zoumaachen.

Dës Ennerdeelung mat deenen Datumer, déi ass do-duerjer komm, well déi Kanner, déi am Precoce sinn, Kanner sinn, déi scolariséiert sinn, mee déi Kanner, déi an enger Crèche sinn, awer net. An esou gëllt et fir se alleguerten.

D'Frontaliere kënnen op dës Dispositiounen zrëckgräifen, mee déi Dispositiounen, déi gëllen net, wann een de Chômage partiel kritt. Och dat war bei deem Gesetz vu virdrun och de Fall.

Un dësem Projet de loi ass ganz, ganz séier geschafft ginn. An dësem Dossier hu mer och misse séier schaffen. Mir wëssen, dass déi lescht Deeg e groussen internationalen Drock vun eisen Nopeschlänner besteet, well mir aner Covidmesuren en place hunn. An hei bewiese mer och, datt mer kënne ganz séier reagéieren an datt mer eis der Situatioun och ganz bewusst sinn an domat och eise Frontalieren, déi bei eis schaffen, hei entgéintkommen.

De Projet gouf den 18. Januar deposéiert. Gëschter Owend um 18.00 Auer koum dann den Avis vum Staatsrot eran. An hei wëll ech op déi gutt Zesummenaarbecht tëscht der Regierung an dem Staatsrot agoen an déi och begrëissen, well de Staatsrot hei direkt ganz nei Textproposé gemaach huet an domadder d'Situatioun beschstens konnt geléist ginn.

Gëschter koum dann och nach den Avis vun der Chambre des Salariés eran, déi ënnerschiddlech Observatiounen matgedeelt huet, sech awer en gros favorabel zu dësem Gesetzesprojet ausgedréckt huet.

Haut de Moie gouf dann de Rapport dann och unanime an der Aarbechtskommissioun ugehall an ech soen dofir e grouse Merci fir d'Flexibilitéit, awer och fir déi gutt Zesummenaarbecht. An ech begrëissen hei virun allem och d'Aarbecht vu jiddwengem an dësem Dossier: vun der Regierung, dem Staatsrot, der Aarbechtskommissioun, der Chamberverwaltung an och vun den eenzelne Fraktiounen, dobäi notament och menger Fraktioun, déi hei wierklech ganz gutt a ganz séier zesumme-geschafft hunn.

Den 18. Januar deposéiert, den 21. Januar gestëmmt. Ech weess net, ob dat schonn oft de Fall war an dësem héijen Haus. Dat soll och net Usus ginn. Dat soll net de Wee sinn, wéi hei soll geschafft ginn. An dësem Fall ass et awer extreem wichteg gewiescht an et ass och gutt, dass esou séier geschafft ginn ass. An ech ginn domadder hei och den Accord vun der LSAP-Fraktioun zu dësem Projet.

Merci fir d'Nolauschteren.

■ Plusieurs voix.- Très bien!

■ **M. Fernand Etgen, Président.**- An ech soen dem Här Rapporteur Georges Engel Merci fir dat schnellt Schaffen a ginn dem honorabelen Här Marc Spautz d'Wuert. Här Spautz, Dir hutt d'Wuert.

Discussion générale

■ **M. Marc Spautz (CSV).**- Merci, Här President. Merci un de Rapporteur fir de Rapport, deen en detailléiert gemaach huet an och ganz séier gemaach huet. De Saz um Schluss huet mer am beschte gefall, wou e gesot huet: „Dat soll net d'Gewunnecht ginn.“

Ech wëll soen, och fir eis war et wichteg, dass mer dee Vide oder hallwe Vide - well zanter haut de Moien aacht Auer huet jo e Règlement grand-ducal d'urgence gegollt -, dee mer doduerch haten, dass d'Gesetz, dat virdrun do war, gëschter ofgelaf ass, dass mer déi Situatioun fir déi betraffe Leit berengt hunn an dass et elo sécher ass, dass alleguerten déi Leit, déi an déi Situatioun kënne kommen, och dovun profitéieren.

Et muss ee jo do ënnersträichen: Zu Lëtzebuerg si mer de Moment net an Zuchzwang, mee an eisen Nopeschlänner ronderëm sinn awer Schoulen a Crëchen zou, woufir et awer och wichteg ass, dass déi Leit, déi hei zu Lëtzebuerg fir Loun a Gehalt schaffen, och d'Méiglechkeet hunn, gegebenefalls dorop zrëckzegräifen.

No all deem, wat den Här Engel gesot huet, wollt ech awer nach eng Fro stellen un den Här Minister, dat ass déi Geschicht ... Mir hunn elo alles opgezielt kritt: Precoce, Dagesmammen an esou weider an esou fort falen drënner. Wéi ass et am Fall vun enger Nurse, déi doheem ass an déi doheem d'Kanner versuergt an där hiert eegent Kand krank gëtt: Kann dann och herno déi Famill, déi eng Nurse age-stallt hat, déi awer aus deenen doten Ursaachen net méi do ass, kann déi drop zrëckgräifen oder net? Dat ass eng Fro, déi ech och schonn an der Kommissioun gestallt hat. An ech wollt déi nach eng Kéier stellen, Här Minister, fir dass Der och do Prezisiounen gitt, ob och déi Leit an deem Fall dorënner kënne falen, wann de Staat, wann d'Gemeng decidéiert huet, dass d'Crèche zou ass. Well bis elo war et bei eis ëmmer landeswäit, mir wëssen awer aus dem Ausland, dass et och regional méiglech ass. Ech weess net, ob et eng Kéier hei zu Lëtzebuerg esou wäit kënn, mee et weess een ni, well de Covid huet eis scho vill nei Situatiounen bruecht; dass op alle Fall och alleguerten déi Leit ofgeséichert ginn.

Dat gesot, Här Minister, ass et ëmmer besser, et huet een de Spatz am Grapp wéi d'Dauf um Daach.

■ Plusieurs voix.- A!

■ **M. Marc Spautz (CSV).**- An dofir gi mer och d'Zoustëmmung zu dësem Gesetz. Villmools merci.

■ Une voix.- Très bien!

■ **M. Fernand Etgen, Président.**- Merci villmools, Här Spautz. An ech ginn d'Wuert weider un d'Madamm Carole Hartmann.

■ Une voix.- De Spatz am Grapp!

(Brouhaha)

■ **Mme Carole Hartmann (DP).**- Merci, Här President. Merci och als Alleréischts dem Rapporteur fir e ganz detailléierten a komplette Rapport, deem u sech inhaltlech elo näischt bäizefügen ass. Merci och u souwuel den Educatiounsministère wéi den Aarbechtsministère, déi hei an dësem Dossier zesumme-geschafft hunn an no, ech soen emol „e bëssen Hin an Hier“ awer eng Solutioun fonnt hunn, mat där mer, mengen ech, elo alleguerten hei gutt kënne liewen.

Ech wollt awer dräi Punkte just ënnersträichen, déi fir eis als Demokratesch Partei hei wichteg sinn, och virdru scho waren. Dat eent ass, dat hat ech d'leschte Kéier scho gesot, dass mer hei u sech mat deem Cadre légal net hignn an e ganz neien, e generaliséierte Congé schafen. Mir sinn am exceptionnelle Kader vun enger Epidemie wéi där, déi mer aktuell kennen. A mir erweideren hei d'Méiglechkeet vun engem Congé pour raisons familiales fir Salariéen an Independanten, notament wa se e Kand hunn, dat keng 13 Joer huet, dat heescht, dat méi jonk ass a weinst der Fermeture vun der Schoul oder enger Betreuungsstruktur doheem muss bleiwen. D'Betreiungsstrukturen, dat ass scho gesot ginn, dat beinhalt net nëmmen d'Crëchen oder d'Maison-relais, mee och d'Minicroëchen oder och d'Dagesmammen.

Dat war e Punkt, deen huet musse preziséiert ginn, wat och ganz wichteg ass. Et geet eis dorëms, dass déi kleng Kanner an dëser spezieller Circonstance eebe just net mussen eleng doheembleiwen an dass no hinne gekuckt gëtt.

An eisen Aen ass et awer esou, wann Elteren elo an enger Situatioun sinn, wou se eng Méiglechkeet souwisou hunn, dass no hirem Kand gekuckt gëtt, da mussen se net onbedéngt op dësen neie Congé hei zrëckgräifen. Mir viséieren eigentlech hei haapt-sächlech déi Elteren, déi eebe keng Méiglechkeet hunn, dass no hirem Kand gekuckt gëtt - e Kand, dat jonk ass, dat nach net kann eleng doheembleiwen.

Firwat soen ech dat? Abee, well de Congé, dee mer hei awer kreéieren, trotzdeem och eng Inzidenz op eis Betriber huet. Mir sinn a schweieren Zäiten. Si sinn och drop ugewisen, dass hir Salariéen do sinn



an dass se elo mat hire Salariéen, soen ech emol, nees de Bierg erop kënnen kommen an och schaffe kënnen. Dat heescht, si brauchen och e bësse Planungsécherheet a si mussen och kënnen op hir Aarbechtskräften zrëckgräifen. Dat heescht, ech géif soen, e Salarié, deen eng aner Méiglechkeet huet, brauch dësse Congé net onbedéngt ze huelen a kann och weiderhi seng Firma hei, sai Patron hei ënnerstëtzen.

■ **Une voix.** - Très bien!

■ **Mme Carole Hartmann (DP).** - Nach eppes, wat ech wollt soen, dat ass, dass mer jo aktuell hei zu Lëtzebuerg dësse Cadre légal net brauchen. Et weess een awer net, ob mer net nach eng Kéier hei mussen drop zrëckgräifen. Mee mir hunn en elo, notamment fir d'Situatioun mat eisen däitsche Frontalieren, fir eeben do sécher ze sinn, dass och si eebe viséiert si vun deem Kader hei.

Fir d'DP ass et awer wichteg, dass, wa mer nach eng Kéier ..., also dass mer net onbedéngt mussen nach eng Kéier an d'Situatioun kommen, wou mer eis Schoule mussen zoumaachen. Dat ass eng Mesure, déi mir wierklech als lescht Mesure wëlle gesinn. Ech mengen, mir hate virdu jo och iwwert d'Santé mentale vun de Kanner geschwat. An de Fait, dass d'Schoulen op sinn, ass, mengen ech, och e wichtege Aspekt fir d'Kanner, fir hir Weiderentwécklung, dass d'Kanner do déi Normalitéit, soen ech emol, vun der Schoul och weiderhi behalen. Bon, mir hunn net weider Afloss op d'Situatioun, ob mer et nach eng Kéier mussen aféieren. Mee op alle Fall gi mir als DP-Fraktioun eisen Accord, fir wa mer nach eng Kéier déi Mesure hei bräichten, dass mer se dann och an engem Cadre légal stoen hunn.

Merci.

■ **Une voix.** - Très bien!

■ **M. Fernand Etgen, Président.** - Merci villmools, Madamm Hartmann. An ech ginn d'Wuert weider un den Här Carlo Back.

■ **M. Carlo Back (déi gréng).** - Merci, Här President. Fir d'éischt e Merci un de President vun der Kommissioun, de Georges Engel, fir sai ganz gudden Exposé - virun allem den historesche Réckbléck, deen en hei an der Pleniéire gemaach huet, mengen ech, war weesentlech fir ze weisen, wéi komplex d'Situatioun awer ass - an da fir d'Explikatioun vun dem Text, dee mer elo hei wäerte stëmmen.

Mir si frou als Gréng, datt mer eng generell Léisung fonnt hunn, well effektiv, et weess een net, wéi déi Situatioun hei virugeet, an datt mer och elo quasi all Zenarien, déi méiglech sinn, hei an ee generellen Text afléisse loossen.

Ech wëll hei just am Numm vun der grénge Fraktioun och begrëissen, datt mer eis Frontalieren, déi weesentlech sinn an eiser Economie, hei wierklech agebaut hunn, well, wéi gesot, d'Situatioun an hire Länner kann ofwäiche vun eiser Situatioun hei. Ech mengen, dat weist, datt mer awer ëmmer erëm en europäesche Geescht beweisen.

An domat ginn ech och den Accord vun der grénge Fraktioun.

■ **Une voix.** - Très bien!

■ **M. Fernand Etgen, Président.** - Merci villmools, Här Back. Da ginn ech d'Wuert weider un den honorabelen Här Jeff Engelen.

■ **M. Jeff Engelen (ADR).** - Merci, Här President. Ech géif dann dem Här Georges Engel en härezeche Merci soe fir sai schréfftlechen a mëndleche Rapport. Et huet alles mussé séier goen. Et konnt och séier goen, et war jo am Interessé vun der Saach. Et ass alles gesot an ech géif duerfir den Accord gi vun der ADR zu dësem Gesetz. Merci.

■ **M. Fernand Etgen, Président.** - Merci, Här Engelen. An dann ass d'Wuert fir den honorabelen Här Marc Baum.

■ **M. Marc Baum (déi Lénk).** - Jo, merci, Här President. Ech géif och den Accord gi vun der Lénker zu dësem Projet an dem Här Engel felicitéieren, well en huet effektiv op eng ganz kloer Aart a Weis

déi eenzel Etappen opgezielt, déi dësse Projet duerchgemaach huet. An dat, wat mir besonnesch ervirsträiche wëllen a positiv uerkennt wëllen, ass déi generell Solutioun, déi fonnt ginn ass. Wat jo och bedeit, datt ee Léieren aus der Kris zitt, déi iwwert de Phänomeen vum Covid selwer erausginn. D'„raisons impérieuses de santé publique“, déi kënnen invoquéiert ginn am Fall, wou sech wierklech eng Noutsituatioun stellt, fir datt dann d'Elteren, d'Salariéë kënnen liberéiert ginn, fir, wann et keng Alternativ gëtt, an deem Fall och kënnen dee Congé ze huelen an op hir Kanner opzepassen, dat ass wierklech e weesentleche Fortschritt.

Mir haten dat och an der Kommissioun schonn, mengen ech, am Dezember ugehaant. D'Tatsaach, datt et elo drakënt, ass wierklech eng weesentlech Erweiterung vum Aarbechtsrecht, déi mer absolutt begrëissen. Dat, mengen ech, sollt een dann och eng Kéier soen.

An deem dote Sënn misst ee soen: Vu Kéier zu Kéier an den Diskussiounen, déi mer haten, ass déi nei Mouture vum Gesetz, déi entstanden ass, besser ginn. Dat heescht, dat heite Gesetz ..., verschidde Punkte gi bis den 2. Abrëll. Et hätt ee sech eigentlech an deem dote Sënn bal kënnen virstellen, datt se nach éischter (veuillez lire: nach méi spéit) géifen auslafen, dann hätte mer eng nei Mouture kritt, déi eventuell nach besser wier. Verschidde Froe sinn nach ëmmer net definitiv gekläert. Dat hei ass awer elo mol en éischte wichtege Schrëtt, dee mer absolutt begrëissen. Well Salariéen an esou enger Noutsituatioun sollen net nëmmen hire Betriber hëllef, si sollen och hire Kanner hëllef!

Merci.

■ **M. Fernand Etgen, Président.** - Merci villmools, Här Marc Baum. A leschten ageschriwwene Riedner ass den honorabelen Här Sven Clement. Här Clement, Dir hutt d'Wuert.

■ **M. Sven Clement (Piraten).** - Merci, Här President. Merci och dem Rapporteur, dem Georges Engel, fir deen exhaustive Rapport, wou en all Etapp opgeléicht huet, déi d'Gesetz gemaach huet. Et sinn der nawell e puer gewiescht.

Dës ass nämlech den drëtten Ulaf innerhalb vu véier Wochen, fir e gutt Gesetz zum Congé pour raisons familiales hinzukréien. An ech si frou, ech kann et elo scho soe wéi déi aner Kolleegen: Mir wäerten et matstëmmen. Well et ass, wéi déi Lénk et richtig ausgedréckt hunn: Et gëtt besser a besser a besser. Et kéint een u sech hoffen, datt mer a véier Woche schonn nees en neit stëmmen, da gëtt et nach eng Kéier besser.

Mee bon, et muss net onbedéngt sinn. Well d'Gesetz aus dem Dezember war, an dat muss een och éierlech soen, en Noutplooschtergesetz. Et war e Gesetz, wat mer d'lescht Joer do geholl hunn, wéi mer der eng ganz Rëtsch d'lescht Joer haten, eng ganz Rëtsch där Noutplooschtergesetz, déi en Deel ofgedeckt hunn, déi ëmmer nëmmen iergendwou probéiert hunn, d'Schosswonnen mat Plooschteren ze bedecken, déi awer net de Kärproblem, nämlech d'Schosswonnen, konnte behandelen. Hei gi mer elo e gutt Stéck méi wäit an dat begrëisse mer explizit!

Dës Gesetz hätt awer natierlech och kënnen d'lescht Joer am Summer en amont gemittlecht geschriwwen ginn an hätt net missen als Noutplooschtergesetz kommen. Mir hätte kënnen virusplangen. Ech mengen, dat ass eppes, wat d'Oppositioun schonn e puermol an där Kris hei gesot huet. Mir hätte verschidde Mesurë kënnen éischter huelen an dann u Krittäre bannen, wéini se dann ausgeléist ginn, wéini se dann applikabel ginn.

Mir wäre frou, wann dat heite Gesetz net den 2. Abrëll géif auslafen, mee mir wären u sech der Meeung gewiescht, datt een dat Gesetz hei och kéint bis den 31. Dezember lafe loossen, mat dann engem Krittär dran, wéini et gëllt, wéini et net gëllt. Eppes, wat eis Flexibilitéit zrëckginn hätt, ouni datt d'Chamber allkéiers erëm muss e Gesetz stëmmen, just well d'Pandemie eis iwwerrascht huet. Well u sech

däerfte mer eis no bal engem Joer a Pandemiezoustand net méi vun engem Virus iwwerrasche loosse. An trotzdeem gesi mer, wat elo grad an anere Länner opgrond vun de verschidde Variante vum Virus geschitt. Deementspriedend wäre mir Demandeur gewiescht, datt een eebe grad den 31. Dezember hei zrëckbehalen hätt an net den 2. Abrëll.

Sollten d'Fallzuelen nämlech erëm klammen, stëmmen mer nach eemol en Text. An dat wär net néideg. Et muss een de Leit dobaussen dach endlech eng gewësse Stabilitéit ginn, och an Zäite vun Onstabilitéit. Dofir muss virausschauend geplangt ginn an dofir sollten d'Formulär fir de Congé pour raisons familiales net all zwou Wochen oder all zwee Méint erëm geännert ginn. Mir kéinten eemoleg e Formulaire erstellen, dee bis d'Enn vum Joer voir doriver eraus geet, an domadder en onnéidegen zousätzleche Stress vermeiden, datt d'Leit sech erëm un nei Prozedure musse gewinnen.

Här President, d'Eltere brauchen dës Gesetz. Si mussen kënnen doheemleiwien, wann d'Kanner net an d'Schoul oder an eng Kannerbetreuer kënnen goen. D'Salariéë sinn net do, just fir hirem Patron Merci ze soen, datt se nach eng Aarbecht hunn. Well ouni Salariéen ass och dee beschte Patron näischt wäert. Well dann huet e keen, deen d'Aarbecht mécht. An deementspriedend sollt een hei net probéieren, déi eng géint déi aner auszespillen.

Dat gesot, heimat maache mer e wichtege Schrëtt, wann och net wäit genuch. Mir stëmmen dës Projet mat.

■ **M. Marc Goergen (Piraten).** - Ganz gutt!

■ **M. Fernand Etgen, Président.** - Merci, Här Clement. An elo kritt d'Regierung d'Wuert, den Här Vizepremier an Aarbechtsminister Dan Kersch.

Prise de position du Gouvernement

■ **M. Dan Kersch, Ministre du Travail, de l'Emploi et de l'Économie sociale et solidaire.** - Merci, Här President, fir d'Wuert. Ech mengen, et ass alles gesot. Dat meescht ass gesot duerch deen exzellente Rapport, deen de Georges Engel hei virgedroen huet. Et kann een hei wierklech vun enger Koproduktioun schwätzen, wat de Gesetzesprojet selwer ugeet. Nach leschten Dënschdeg war ech selwer am Staatsrot an ech hu mat de Membere vum Staatsrot un där enger oder anerer Formulierung geféilt, fir dass mer en Text kënnen haut presentéieren, deen all d'Facettë kann ofdecken. An dat war jo, mengen ech, déi grouss Erausforderung, déi sech hei gestallt huet.

Op där anerer Säit hate mer och eng exzellente Zusammenarbecht tëschent der Chambersadministratioun, menge Leit aus dem Ministère an de Leit aus der Fraktioun vum Rapporteur. Ech mengen, och déi hunn hei Aussergewéinlech geleescht. An dofir mai ganz spezielle Merci. An net zulescht natierlech och fir d'Disponibilitéit vun den Deputéierten, déi hei voll matgespillt hunn, fir dass mer an engem verstännege Zäitraum dësse Projet kënnen realiséieren.

Dee grouss Prinzip, dee mer elo haut realiséieren, ass dee vun der Gläichbehandlung. Dat war jo och dat, wat mer a ville Sitzungen ëmmer erëm diskutéiert hunn. A wa mer op där enger Säit nogebessert hunn, hu mer gemierkt, dass mer op där anerer Säit erëm nei Ongläichbehandlungen geschaaft hunn. Dat ass och dat, wat dësse Projet esou komplizéiert gemaach huet. Bis mer schlussendlech op d'Iddi komm sinn, fir ee Prinzip ze applizéieren, dat heescht, wann national eng administrativ Schléissung decidéiert gëtt vun de Schoulen oder vun de Grëchen, dann huet jiddwereen, an zwar onofhängeg vun der Betreuerungsform, déi e gewielt huet, Recht op Congé pour raisons familiales.

Zousätzlech hu mer och nach un eppes geduecht, wat hei zu Lëtzebuerg, an och dat ass virdu schonn hei gesot ginn, vläicht net virkënt, mee wou awer am Ausland d'Warscheinlechkeet grouss ass, dass et virkënt: dass do, wa lokal, kommunal restriktiv ..., oder op lokalem Niveau limitéiert Schléissungen géife kommen, dass mer och dann d'Recht op Congé pour raisons familiales géifen aféieren. Dat ass dat, mengen ech, wat mer schlussendlech festgehalen hunn.

Virdu ass gesot ginn: „Wat de Projet méi oft diskutéiert ginn ass, wat e besser gëtt.“ Bon, et gëtt deen ale Sproch: „Et kann een esou al ginn, wéi ee wëll, mee et kann een ëmmer nach bäileieren.“

■ **M. André Bauler (DP).** - „Esou al wéi eng Kou“, seet een alt.

(Hilarité)

■ **M. Dan Kersch, Ministre du Travail, de l'Emploi et de l'Économie sociale et solidaire.** - Den Här Bauler huet nach e bessere Sproch. Dee kann en dann herno nach eng Kéier zum Beschte ginn.

A fir mech dann dem Spriecher vun der CSV unzschléissen: Jo, natierlech kann een ëmmer nach alles besser maachen. Mee da géif ech et vläicht e bëssen anescht ausdrécke wéi hien: Léiwer mat engem Spautz an enger Frittebud wéi mat verschidde aneren an d'Vakanz.

(Brouhaha)

Ech mengen, et soll een ëmmer mat deem zefridde sinn, wat een huet. An ech mengen, dass mer hei eppes gemaach hunn, wat ville Leit wäert Satisfaktioun ginn a wat derzou wäert bäidroen, dass d'Kohäsioun an eiser Gesellschaft net ofhëlt matten an der Kris, mee dass se wäert méi grouss ginn.

■ **Une voix.** - Très bien!

(Brouhaha)

■ **M. Dan Kersch, Ministre du Travail, de l'Emploi et de l'Économie sociale et solidaire.** - Ech wëll och nach eppes ganz kloer hei soen: Dat, wat mer hei maachen - an och dat ass virdu ugedéit ginn, den Handlungsdruck zu Lëtzebuerg war effektiv zu dësem Moment net do a mir hätten eis, wat Lëtzebuerg ugeet, weesentlech méi Zäit kënnen loosse -, dat, wat mer also hei maachen, ass e formidabele Geste vis-à-vis vun der Groussregioun, vis-à-vis vun deene Frontalieren, déi Dag fir Dag op Lëtzebuerg schaffe kommen an eis hëllef, dës Kris ze bewältigen. Et wär gutt, wann och déi politesch Verantwortlech an där Groussregioun dat géifen zur Kenntnis huelen, ier se mam Fanger op Lëtzebuerg weisen, ouni déi spezifesch Situatioun vun eisem Land ze kennen.

■ **Plusieurs voix.** - Très bien!

■ **M. Dan Kersch, Ministre du Travail, de l'Emploi et de l'Économie sociale et solidaire.** - An ech wëll och nach eppes soen, wat mer um Häerz läit: Ech wëll hei och ganz ausdrécklech de Verantwortleche vun der CNS, deene Leit, déi do schaffen, deenen administrative Beamten, déi do schaffen, e ganz grouss Merci soen. Si kréie mat dëser Erweiterung vum Congé pour raisons familiales en immens héijen, en immensen zousätzlechen Druck. An dat erkläert och, an ech wëll dat eng Kéier hei soen, dat erkläert och, firwat dass op anere Plazen zum Deel Retarden opkomm sinn, déi mer net esou gewinnt waren. Mee och do bidden ech dann em Verständnis fir déi Leit. Déi kënnen och nëmmen dat maachen, wat an hire Kräfte steet. An dofir e ganz, ganz grouss Merci u si all!

Dat gesot, villmools merci. An ech hoffen, dass mer elo hei endlech de „Stein der Weisen“ fonnt hunn. Merci villmools.

■ **Une voix.** - Très bien!

■ **M. Fernand Etgen, Président.** - An ech soen och dem Här Aarbechtsminister Dan Kersch Merci. D'Diskussioun ass ofgeschloss. Mir kommen elo zur Ofstëmmung iwwert de Projet de loi 7747. Den Text steet am Document parlementaire 7747².

Vote sur l'ensemble du projet de loi 7747 et dispense du second vote constitutionnel

Fir d'éischt de Vote électronique fir déi perséinlech Stëmmen.

Duerno maachen ech den Appel nominal fir déi, déi e Vote par procuration wëllen ofginn.

Appel nominal (votes par procuration)

Domadder ass dësse Projet de loi mat 60 Jo-Stëmmen eestëmmeg ugehall.

Ont voté oui : Mmes Diane Adehm, Nancy Arendt épouse Kemp, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Paul Galles, Léon Gloden (par M. Gilles Roth), Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch, MM. Aly Kaes, Marc Lies, Georges Mischo, Mme Octavie Modert, M. Laurent Mosar, Mme Viviane Reding, MM. Gilles Roth, Jean-Paul Schaaf, Marc Spautz, Serge Wilmes, Claude Wiseler et Michel Wolter (par Mme Martine Hansen) ;

MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, MM. Frank Colabianchi, Fernand Etgen, Gusti Graas, Max Hahn, Mme Carole Hartmann, MM. Pim Knaff, Claude Lamberty et Mme Lydie Polfer (par M. Gilles Baum) ;

Mme Simone Asselborn-Bintz, M. Dan Biancalana, Mmes Tess Burton, Francine Closener (par M. Georges Engel), MM. Yves Cruchten, Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Claude Haagen, Mmes Cécile Hemmen et Lydia Mutsch ;

Mme Semiray Ahmedova, MM. Carlo Back, François Benoy, Mmes Djuna Bernard, Stéphanie Empain, Chantal Gary, M. Marc Hansen (par Mme Josée Lorsché), Mme Josée Lorsché et M. Charles Margue ;

MM. Jeff Engelen, Fernand Kartheiser, Fred Keup et Roy Reding (par M. Jeff Engelen) ;

MM. Sven Clement et Marc Goergen ;

MM. Marc Baum et David Wagner.

Freet d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Et ass also esou decidéiert.

Domat si mer um Enn vun der Sitzung vun haut ukomm. Déi nächst Sitzung si fir de 27. an 28. Januar virgesinn. D'Sitzung ass opgehewen.

(La séance publique est levée à 19.03 heures.)

Le saviez-vous ?

BUREAU DE LA CHAMBRE DES DÉPUTÉS

Le Bureau, élu par la Chambre, se compose du Président, de trois Vice-Présidents et de neuf membres au plus. La Chambre élit également des membres suppléants permanents, dont le nombre maximal est fixé à neuf. Le Secrétaire général fait partie du Bureau sans toutefois pouvoir participer aux votes. Le Bureau représente la Chambre sur le plan national et international et règle les questions financières et d'organisation concernant les députés, le Parlement et ses organes. Par ailleurs, il s'occupe de la gestion des affaires de la Chambre et prend les décisions relatives au personnel de l'administration parlementaire.

MOTION

La motion est un texte, adopté par la Chambre des Députés, invitant le Gouvernement à prendre une certaine initiative ou à adopter une certaine position.